N° 6890
Entrée le 23.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.09.2022

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. September 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

Mengen Informatioune no soll am Kanton Klierf e neit Gebai gebaut ginn, wat vum CGDIS soll kënne benotzt ginn.

An deem Zesummenhang wëll ech dës Froe stellen:

- Ginn et schons Detailer, wou genee déi nei Raimlechkeete entstoe wärten?
- Wa jo, konnten déi néideg Terrainen schon acqueréiert ginn?
- Ginn et Detailler zu der Kapazitéit, der Notzung an de Käschten vun dëse Raimlechkeeten?

Mat déiwem Respekt,

Carlo Weber
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°6890
Entrée le 21.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°6890 vum honorabelen Deputéierte Carlo Weber zum Sujet "Nouveau bâtiment du CGDIS dans le canton de Clervaux"**

Et ass geplangt, en Zenter vun der Kategorie III[1] zu Maarnech ze bauen, méi genau un der N7 a Proximitéit vum neie Rond-point, deen d'N7 un déi sougenannt Transversale uschléisst. Dësen Zenter wäert also eng wichteg regional Roll spillen, fir d'Couverture am Norden ze verbesseren a sou d'Zil, dass d'Rettungsdéngschter iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutten op der Asazplaz sinn, dat mir am PNOS, dem nationale Plang fir d'Organisatioun vun de Rettungsdéngschter, definéiert hunn, ze erreechen.

Déi néideg Terraine si vun der Gemeng Klierf kaf ginn.

Et ass zu dësem Zäitpunkt nach ze fréi, fir eng Ausso iwwert d'Käschte vum Projet ze maachen.

Lëtzebuerg, den 21/10/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] Laut dem Artikel 80 vum ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet.